



20



25



> DE FELIX <

IMPRESSUM



EDITEUR

Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois a.s.b.l. (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tél.: (+352) 20 60 84 84
www.acel.lu | contact@acel.lu

REDAKTIOUN

ACEL-Comité

KOORDINATIOUN

Alexandre LUONG
Gianni DI PAOLI

GRAFIK, LAYOUT

Alexandre LUONG

KORREKTUR

Laurent SCHENGEN

FOTOEN

ACEL-Comité
All Cerclen
Pixabay
REEL

OPLAG

150 Exemplairen

DROCKDATUM

Dezember 2025



INHALTSVERZEECHNES

Virwuert	01
Dem Felix säi Rätsel.....	02
Dem Felix säi Gedicht.....	03
ACELS Joer 2025.....	05
» ACELS Joer an Zuelen	05
» ACEL Kalenner 2025.....	06
» ACEL Comité 2025.....	12
» ACEL Ranking 2025.....	16
Intercerclen & Baler 2025	18
Evenementer 2025	24
» Student fir 1 Dag 2025.....	24
» Studenteguide.lu.....	25
» De Studentebal 2025	26
» Quizowend 2025	27
» Studentefoire 2025	28
» Tournoi de Noël 2024.....	29
» REEL 2025 zu Stroossbuerg.....	30
Représentatiounen 2025	32
Memes 2025	34
Notizen	36



VIRWUERT



Léif Student:innen,

Ier een et richtig mierkt, ass schonn erëm e Joer eriwwer. Et fillt sech nach u wéi wann alles eréischt ugefaangen hätt, an op eemol hält een nees de Felix an der Hand.

Ech sinn houfreg drop, op e Joer zeréckzeblécken an deem mir vill erreecht hunn. Zesumme mat de Cerclen hu mir d'ACEL a villen Hisiichten no vir bruecht. D'Digitaliséierung vun eise Guiden, d'Debatt ëm de Pensiounssystem, d'Studentefoire mat engem neie Konzept an engem Standuert am Zentrum, en neit Gesetz zur Aide financière, dat elo um Instanzewee ass, si just e puer Beispiller dovun. Awer och innerhalb vun der ACEL hu mir vill Wäert drop geluecht d'Kommunikatioun an d'Zesummenaarbecht mat de Cerclen ze stäerken.

Et wier naiv ze denken, dass dat alles eenzeg an eleng ze packe gewiescht wier. Et war just méiglech mat engem Comité vu motivéierte Leit, déi bereet ware sech mat voller Iwwerzeegung anzebréngen an heiansdo och emol alles aneres fir d'ACEL lénks leien ze loosser.

Meng Zäit als President vun der ACEL geet heimat leider op en Enn. Fir mech perséinlech war et eng Zäit, an där ech immens vill geléiert hunn. Iwwer dräi Joer hunn ech motivéiert, engagéiert a ganz verschidde Mënschen kennegeléiert, déi zu gudde Kolleegen an enger Aart Famill gi sinn. Och wann ech mech virun 3 Joer réischt den Dag virun der AG fir den ACEL Comité gemellt hunn, hunn ech dat zu kenger Sekonn bereit.


Elo bleift mir just nach, iech vill Freed beim Liese vum Felix ze wënschen an all deene Merci ze soen, déi d'ACEL dëst Joer zu dem gemaach hu wat et war. Ech wënschen der ACEL an all de Cerclë vu ganzem Häerzen nëmmen dat Bescht a sinn dankbar dofir e klengen Deel dovun gewiescht ze sinn.

Gianni Di Paoli

President vun der ACEL

DEM FELIX SÄI RÄTSEL

1. Wéi heescht d'App, déi Lidder fir Cerclen a Studentebaler enthält?
2. Wéi heescht d'digital Plattform vun der ACEL, wou Student:inne Rotschléi zum Studium fannen?
3. Wéi heescht déi grouss Réunion vum de Lëtzebuerger Student:innen an Europa?
4. Wéi heescht de Projet vun der ACEL, wou Schüler:innen en Abléck an d'Studenteliewe kréien?
5. A wéi engem Joer gouf d'ACEL gegrënnt?
6. A wéi ville Länner sinn d'Cerclen aktuell aktiv?
7. Fir wéi e Projet setzt sech d'ACEL ëmmer staark an, besonnesch am Beräich vum Liewe vu de Student:innen? (klengen Tipp: 🧐 🧐)
8. Wéini ass de Studentebal 2026? (Zuelen ausschreiwen!)
9. Wat war 2025 nei um Studentebal?
10. Wéi heescht d'Event vun der ACEL, wou d'Cerclen all Joer géint eneen a dräi Sportarten untrieden?



DEM FELIX SÄI GEDICHT

Statutenexpert hunn mir missen sinn,
bei de Pensioune si mir et ginn.
Super gutt Iddie goufen do beschwat,
Vill gouf dovunner awer net emgesat.

Den Student fir 1 Dag,
war erëm ganz flott gemaach.
Mat sou vill Reese wéi nach ni,
Souguer Louvain war vun der Partie.
De Fliiger op München sollt net fléien,
An zu Bréissel hunn d'Schüler rëm eng Gauffre
duerfte kréien.

De Quizowend war korrupt wéi ëmmer,
d'Bonner Ekip war alt nees de Gewënner.

D'Klausuertagung zu Frankfurt war definitiv kee
Flopp,
Mir wëssen den Apfelwein ass besser wéi all Zopp.
Ons Pause waren ëmmer knapp berechent,
Dofir hunn och mir eis oft verrechent.
D'Faarw vun den T-Shirten huet nach ni ee gestéiert,
Trotzdem dëst Joer bal Frëndschaften zerstäert,
Dat ass dach onerhéiert,
Dat hu mir elo all geléiert!
Vum Pabeierkrich hate mir d'Flemm,
Vun de Guidë ware mir scho ganz plemm plemm.
Digitaliséiert hu mir déi,
Eng super Websäit hu mir méi.

Beim Opbau vum Studentebal si mir vill gelaf,
bis mir hate ganz vill Faarw.
Beim Ofbau sinn déi Responsabel am Container
geland,
et hätt ee bal gemengt si hätte sech verbrannt.
Geplatzt si mir aus allen Néit,
well Zapanlage ware vun héchster Qualitéit.
Vun der Ravecave hu se all getéint,
dofir gëtt se elo zum Schlagerlager emgedréint.

Op der REEL'25 zu Strossbuerg,
Gouf et wéi ëmmer déi eng oder aner Suerg.
de Regrupp hat erëm de beschte Workshop,
wéinst dem Picon war erëm all Mensch gutt drop!
An d'ill si mir schwamme gaang,
Do hat eis d'Wasserpolicie bal gefaang!
Table Ronde, dat war kee Spaass,
puer Leit hu ginn ze vill Gaas!
Nieft de Kopplabunzen an der Akrobatik,
gouf et zur Kréinung sonndes owes déi éischt
Wallisproblematik.

De Congé collectif war bëssi ze laang,
d'Maile stoungen an der Schlaang.
De Comité war wéi verschlof,
bis d'Info huet de Bréif ginn of.

Fir d'Studentefoire gekämpft hu mir ganz laang,
Mat der Press de Ministère geholl an d'Zang,
Mee wéi ëmmer hu mir sachlech argumentéiert,
dofir gëtt d'Foire elo an den Zentrum deplazéiert!

E wonnerschéint Joer ass erëm eriwwer,
Et goug drënner an driwwer,
Nächst Joer steet nach vill un,
pakt iech e Béier a bleift drun.

Mir soen lech all e grouse Merci,
Vill Leit soen iech Äddi,
Fir anerer ass et en déjà-vu,
Mee och nei Gesichter soen elo Salut!

Text: Kimon, Sophie M.

**The bridge
to your freedom**

SPUERKEESS.LU/**axxess**



**Ta carte
Ton compte
Tes avantages**


STUDY
Pour les étudiants de 18 à 30 ans



axxess

ACEL'S JOER 2025

AM IWWERBLÉCK



ACEL KALENNER 2025

DEZEMBER 2024


- 26 **ACEL Wanter AG**
- 26 ITV - Tageblatt, RTL, L'Essentiel, Eldorado
- 27 ITV - radio 100,7
- 28 **1. CV**

JANUAR 2025

- 2 CV - Repré
- 5 CV - Informatioun
- 5 Entrevue - Fachspezifesch Sf1D
- 6 SI - LAM
- 7 CV - Regrupp
- 13 Entrevue - Spuerkeess
- 13 ABG - Websäit
- 13 CV - VP
- 16 Entrevue - MESR, CSV
- 16 ABG - Eldo
- 17 SI - ENSA
- 17 **NJP - ACEL**
- 18 **2. CV**
- 18 Entrevue - aACEL
- 22 Call - Grafik
- 23 NJP - Jugendrot
- 24 Call - Eldo
- 24 Jugendrot CA
- 26 Entrevue - Codex

FEBRUAR 2025

- 5 SI - Sportlycée
- 5 CV - Repré
- 6 Entrevue - CSL
- 7 SI - ECG
- 7 Entrevue - Jugendrot (Pensioun)
- 8 Entrevue - REEL
- 9 Call - VP
- 11 Kommissioun - AideFi
- 11 Entrevue - Spuerkeess (Vertrag)
- 11 CV - Info
- 11 ITV - RTL
- 12 Entrevue - Luxair
- 13 CV - Regrupp
- 13 Entrevue - Luxemburger Wort, CDM
- 13 Call - Sponsoring, KT
- 14 Entrevue - Spuerkeess
- 14 Jugendrot CA
- 16 Start Sf1D - Umeldung
- 24 Entrevue - Tageblatt
- 26 Entrevue - Codex, DP, LSK, Munhowen
- 27 ABG - Dépôt
- 28 Entrevue - CGFP, Jugendparlament (Info-séance Stagen)



MÄERZ 2025

- 1 **3. CV**
- 3 Kommissioun - Haut comité à la digitalisation
- 6 Kommissioun - CSEN
- 7 SI - LTL
- 7 Jugendrot CA
- 7 ITV - Eldo
- 8 SI - LN
- 10 Entrevue - CSL
- 10 CV - Info
- 13 ABG - Eldo
- 13 UNYD - Jugendrot
- 14 SI - LMA, ALR
- 14 Call - Pensioun
- 15 SI - Uni.lu
- 15 Jugenddësch - Pensiounsreform
- 17 ABG - App
- 18 Call - Killcamion-App
- 19 Democracy and Youth in the Digital Age
- 20 Call - Losch
- 21 Entrevue - 1. Expertronn
- 21 SI - LHCE
- 22 **Fachspezifesch Sf1D**
- 22 ABG - Dépôt
- 24 Entrevue - UNEL
- 24 Research meets politics
- 27 ITV - LMRL
- 28 SI - LCD
- 29 SI - LCD
- 31 SI - BLL

ABRÉLL 2025

- 1 SI - LTEtt
- 1 Call - VP
- 2 Call - REEL, Grafik
- 2 CV - Regrupp
- 3 CV - Info
- 3 Entrevue - Eldo
- 4 SI - LESC
- 4 Entrevue - 2. Expertronn
- 6 Call - REEL Statuten
- 7 **Student fir 1 Dag (bis 18. Abréll)**
- 9 Call - Eldo
- 19 Entrevue - Stagegesetz ESU
- 19 **ACEL Quizowend**
- 22 Entrevue - MESR (Studentefoire)
- 23 Entrevue - HMT Engineering
- 24 Entrevue - 3. Expertronn
- 24 Jugendrot CA
- 25 **ACEL Studentecorner #1**
- 28 Entrevue - LASEL
- 28 ITV - radio 100,7
- 29 ITV - Le Quotidien



MEE 2025

- 5 Call - Websäit Guiden
- 5 Entrevue - NSA
- 6 CV - Regrupp
- 6 Entrevue - REEL
- 7 Entrevue - Greenevent, Assurance
- 7 ABG - Websäit
- 8 SI - LTPES
- 8 Call - Admin, Kontrakt Wort, Jugendparteien
- 12 Kommissioun - AideFi
- 12 CV - Info
- 13 Call - Subside & Material
- 14 Call - KT Preparatioun
- 14 ITV - Tageblatt
- 15 Kommissioun - CSEN
- 16 **1. KT zu Frankfurt (bis 18. Mee)**
- 19 ABG - Websäit
- 21 Call - Pensioun CMQ
- 21 Entrevue - Jugendrot (Foire)
- 22 Entrevue - GovJobs
- 22 Call - VP
- 23 Entrevue - Luxemburger Wort
- 23 Jugendrot CA
- 24 **5. CV**
- 24 Balversammlung
- 25 Entrevue - aACEL
- 27 CV - Représ
- 28 ITV - Les Frontaliers, RTL
- 30 **ACEL Studentecorner #2**

JUNI 2025

- 2 Entrevue - VEW
- 2 Call - ABG Logement
- 2 CV - Administratioun
- 3 CV - VP
- 3 Entrevue - Baloise
- 10 ABG - Gadget
- 10 Call - REEL Statuten, Kommunikatioun
- 11 Entrevue - Jugendrot Pensioun
- 11 Call - Studentebal 2024
- 12 Entrevue - LASEL
- 13 Entrevue - M3S Pensioun
- 15 **6. CV**
- 16 CV - Regrupp
- 26 Call - 4Motion
- 26 Kommissioun - CSEN
- 26 Entrevue - REEL
- 26 Jugendrot CA
- 27 **ACEL Studentecorner #3**
- 28 ITV - Tageblatt
- 29 CV - Studentebal 2025

JULI 2025

- 2 CV - Studentebal 2025
- 4 **De Studentebal 2025**
- 4 ITV - Tageblatt
- 6 **ACEL Summer AG**
- 6 lessen Summer AG
- 7 Kommissioun - AideFi
- 7 Entrevue - CFL
- 10 Entrevue - 4Motion
- 14 Call - Intranet
- 16 Entrevue - Felix Giorgetti
- 18 Entrevue - MESR Burse
- 20 CV - Représ

AUGUST 2025

- 1 **ACEL Studentecorner #4**
- 6 CV - Administratioun
- 7 Entrevue - REEL
- 7 ITV - RTL
- 19 ITV - Luxemburger Wort
- 29 **ACEL Studentecorner #5**
- 29 Entrevue - Luxembourg Confederation

SEPTEMBER 2025

- 5 **ACEL Studentecorner #6**
- 5 ITV - radio 100,7
- 9 Call - Studentefoire, Workshop Info
- 10 Call - Workshop Regrupp
- 11 Entrevue MESR (Studentefoire)
- 11 CV - Info
- 13 **7. CV**
- 14 Jugendrot CA
- 16 CV - Administratioun
- 16 ITV - RTL, L'Essentiel, Les Frontaliers
- 17 **ACEL Rentrée-PK**
- 18 **REEL'25 zu Stroosbuerg** (bis 21. September)
- 22 ITV - radio 100,7
- 24 Call - Cercle zu Lille
- 25 Jugendrot CA
- 26 CV - Repré
- 27 **ACEL Studentecorner #7**
- 29 ITV - Eldo

OKTOBER 2025

- 1 **Lancéierung - Studenteguide.lu**
- 2 Call - Tournoi de Noël
- 11 **8. CV**
- 13 Kommissioun - AideFi
- 13 Entrevue - LASEL
- 14 ABG - Lëschtekeess
- 17 Jugendrot CA
- 20 SI - ECG
- 22 Call - Killcamion-App
- 22 Entrevue - aACEL
- 24 **ACEL Studentecorner #8**
- 27 ITV - Tageblatt
- 29 Entrevue - Budgetrapporteur, CMCM
- 29 ITV - Eldo
- 30 **Studentefoire** (bis 31. Oktober)
- 30 Entrevue - Eldo
- 30 **Lancéierung - Première.lu**
- 30 ITV - RTL
- 31 Entrevue - UEL, Tageblatt



NOVEMBER 2025

- 1 2. KT zu Diddeleng (bis 2. November)
- 9 ITV - RTL, Tageblatt
- 10 Entrevue - HMT Engineering
- 10 ITV - Le Quotidien
- 12 ABG - Sécherheetskoncept
- 12 ITV - L'Essentiel, Le Quotidien
- 13 Entrevue - CSL
- 13 Table Ronde - Raiffeisen
- 14 Jugendrot CA
- 16 Entrevue - Jugendrot Pensioun
- 17 Entrevue - ME & M3S Pensioun
- 20 ABG - Sponsoring
- 20 Kommissioun - CSEN
- 21 CV - VP
- 21 Entrevue - REEL Kandidatur
- 25 Entrevue - MESR (Studentefoire)
- 25 ITV - RTL, 100,7
- 25 ACEL meets Cercle
- 26 Entrevue - Info Handicap, History.UL
- 26 CV - Représ
- 27 Call - Tournoi de Noël, ESU
- 28 SI - EIMLB
- 28 ACEL Studentecorner #9
- 29 9. CV
- 30 Entrevue - Studentefoire #1
- 30 Call - Studentefoire

DEZEMBER 2025

- 2 Entrevue - CFL
- 3 ESU zu Wien (bis 6. Dezember)
- 4 Entrevue - Luxair, OGBL & LCGB
- 5 SI - LGL
- 8 Kommissioun - AideFi
- 9 Entrevue - MESR (Studentefoire),
LASEL, Studentefoire #2
- 10 Entrevue - VEW
- 12 Jugendrot CA
- 12 Entrevue - Uni.lu
- 13 Entrevue - Studentefoire #3
- 14 Call - De Felix
- 19 Entrevue - MESR (Studentefoire),
Jugendrot
- 19 ACEL Studentecorner #10
- 20 10. CV
- 20 Chrëschtfeier
- 22 Tournoi de Noël (bis 23. Dezember)
- 26 ACEL Wanter AG



OFKIERZUNGEN

ABG	Aarbechtsgrupp
AG	Assemblée Générale
AideFi	Commission des Aides Financières
CSEN	Conseil supérieur de l'Éducation nationale
CA	Conseil d'Administration
CV	Comitésversammlung
IC	Intercercle

ITV	Interview
KT	Klausurtagung
PK	Pressekonferenz
Sf1D	Student fir 1 Dag
SB	Studentebal
SI	Studieninfo
TdN	Tournoi de Noël
VP	Vizepresident:in

ACEL- De Studentevertrieder

Mir sinn fir dech do!
Virun, während an no dengem Studium!



INFORMATIONUN

Mam **STUDENTEGUIDE** an der komplementärer Websäit hues du all Infol fir de Start vun dengem Studium. **WWW.STUDENTEGUIDE.LU** hëlleft dir dāi Wee an de Studium an dono d'Aarbechtswelt ze fannen. Beim **STUDENT FIR 1 DAG** weise mir dir deng zukünfteg Studienstad encadréiert vu lokale Student:innen.



REGRUPPEMENT

Mir organiséieren **DE STUDENTEBAL**, dee gréissten Open-Air Bal fir Student:innen, ewéi och den **TOURNOI DE NOËL**. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

REPRESENTATIOUN

Mir sinn am regelméissegem Kontakt mat de Ministèren an verrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.



OCH DISPONIBEL OP



www.ancel.lu
contact@ancel.lu



[/acelluxembourg](https://www.instagram.com/acelluxembourg)



ACEL COMITÉ 2025



Gianni Di Paoli
President

Physik,
München

Koordinatioun vum
Comité, Pensioun,
REEL, Kommunikatioun,
Studentefoire, App-Ent-
wéckler, Jugendrot,
AideFi

- Den Gianni ass wéi eng Botzfra, déi duerch all d'Channele geet a freet „A wéi ass et domadder?“
- Ech iesse keen Dinkel Dreck
- War nach net 1 Dag schaffen, ass awer scho Pensiounsexpert



Laurent Schengen
VP Representatioun

**Lehramt HRSGe (Ge-
schichte und Politik/
Wirtschaft),**
Köln

Koordinatioun vum
Pilier, Stagegesetz,
Bourse, REEL, Studen-
teguide, Spellchecker,
CSEN, Jugendrot

- Ech fanne Mënscherechter net esou schlecht
- Benotzt dat erfonntent Wuert „gehéckt“ amplaz vun „erhéicht“
- D’Laura ass een Ackerdemiker



Sophie Mangen
VP Informatioun

**Sonderpädagogik op
Lehramt,**
Köln

Koordinatioun vum
Pilier, Studenteguide.
lu, ZOOM, Studentefoire,
Depôt, Studentecorner
REEL

- De Minette ass immens fruchtbar
- Ech hu kee Problem mam rëmpimmelen
- Ass Excel-lent



Mattis Noël
VP Regruppement

**Internationale
Entwécklung,**
Wien

Koordinatioun vum
Pilier, Studentebal,
VDL, Lasel, Quizowend,
Cerclesguide, Killcami-
on-App, Eldoradio

- War dëst Joer och erëm derbäi.
- Spënn's du! Wéi du drénks aus engem ale Moschterglas?! (zum Laura)
- De Bananas ass eng Comptoire-Software



Lena Grein
Sekretärin

Applied Economics,
Wien

**Newsletter, Mailen,
Rapporten, Bréifboite**

- Leit zouspamen an nerven ass mäin neien Hobby
- Ech bräicht hannen am Zelt eng laang Staang
- Huet um Studentebal den offiziellen Titel Respo Joel



Maya Lenertz
Tresorière

Ëmweltingenieur,
München

Budget, Tresorerie

- De Buschauffer trëppelt sou wéi e fiert.
- Setzt d'Leit mat engem Satz chachmatt
- Tresorerie ass eng Familjesaach



Egan Paquay
Sponsoring

Comptabilitéit a Finanzen,
St. Gallen

Sponsoring

- Subsiden ufroen funktionéiert elo artisanal
- De Bilan ass e bëssi wéi ee Rorschachtest, du gesäis dran wat s de gesi wëlls
- Sponsoring ass eng flott Aarbecht, meng Zuelen sinn all gréng an nëmmen gréng



Fränk Prim
Informatiker

Medizinesch Informatik,
Heilbronn

**Programmieren,
Statuten, Problemer
fixen**

- E Budget muss een net anhalen
- Huet e ganz groussen Interessi un Techno DJen
- Dir hutt Froen zu Statuten? Better Call Maître Fränk Prim.





Yola Savic
Grafikerin

**Film- a Medienkultur
Fuerschung,**
München

Grafken designen,
Social Media, Videoe
schneiden

- Da sollte se kräischen!
- Normal Leit: ech maachen dat duerno no mengem Cours. // Yola: Ech maachen dat a mengem Cours
- Setzt sech fir d'Rechter vun de Clementinnen an.



Pit Feltes
Comitésmember

Physik,
Karlsruhe

Bourse, AG, Neijoersch-
patt, Pensioun

- Ech sinn eng two-faced bitch
- Ech hu kee Kräizband méi, ech hu just nach e Band
- Ech notze gären deng PowerPoint géint dech



Sarah Stockreiser
Comitésmember

**Management des Organi-
sations et Développement
responsable,**
Montpellier

Rundfunkgebühren,
Kfz, Neijoerschpatt,
Logement-Ëmfro, AG

- Ech gi kuerz op d'Männertoilette meng Wasser opläschen
- Dat ass eng lénks-riets rassistesche Scheier
- Kee ka riicht trëppele, solle mir eis bësse stäipen?



Kate Bremer
Comitésmember

Bildungswissenschaften,
Heidelberg

Studieninformatiounen,
Sf1D, Studenteguide.lu

- Kënnt meeschtens direkt aus dem Club op eng CV.
- ABG - Ahhh Beau Gosse
- Ech géif do mol keen Héije kréien ...



Jo-Anne Maathuis
Comitésmember

Arts & Culture,
Maastricht

Studiefroen, Sf1D 2025
& 2026, Studentegui-
de.lu

- Mir hate nach kee Wäin, dofir kënne mir net soen op Paräis cool ass.
- D'Jo-Anne sëtzt bei online CVen an der Foussmassage
- Jo-Anne wëll ab elo John genannt ginn



Laura Oé
Comitésmember

Plant Science,
Bonn

Sf1D, Studentefoire,
Cerclesvirstellung Zei-
tung, Studenteguide.lu

- Strécken ass wéi Programméieren
- Et ass nach ni eppes Guddes geschitt wann d'Preisen zu Lëtzebuerg op Besuch waren
- Den Dany huet mech grad Laurent genannt, kann ech lo d'Repré iwwerhuelen?



Sophie Tenbergen
Comitésmember

Psychologie,
Lëtzebuerg

Sf1D, Studenteguide.lu

- Wir können ja mal wandern gehen!
- Partymaus



Félix Mertens
Comitésmember

Actuariat,
Bréissel

Tournoi de Noël,
Intercerclen & Baler,
Munhowen

- Huet dës Joer méi oft mat der Assurance telefonéiert wéi mat soss engem.
- Ass de Quote-Félix
- Bis haut huet kee verstan wat hien elo genau studéiert.



Cyril Wagner
Coopté/Comitésmember

Informatik & Formation
Pédagogique,
Tréier & Lëtzebuerg

Gudd Stëmmung, Killca-
mion-App, Studentesich
ouni Cercle

- Männer brauche just eppes fir mam Fouss dran ze rennen
- Meng Pronome sinn AC EL
- Ech hunn et sou vermësst de Kimon ze bangen



Alex Luong
Coopté

Stadtplanung,
Kaiserslautern

Layout & Websäitde-
sign, Fotograf, Grafiken
designen, Statistiken &
Ëmfroen, Videoe schnei-
den, Respo Gadget

- Bei der ADEM steet, dass den Alex Theologie studéiert
- Ass insgeheim d'Allzweckwaff vun der ACEL
- Heiansdo denkt een u Saache fir d'Websäit, dann huet hien se einfach scho gemaach.



Kimon Leners
Coopté

Politikwëssenschaften,
München

CODEX, Wëssenslexikon,
Stroum- (an Béier)
expert, Schichtepläng

- Duebel schachmatt
- ACEL-Recruiter

ACEL RANKING 2025

Uni-Länner mat de meeschte Student:innen

- 1  Däitschland (4455)
- 2  Lëtzebuerg (4241)
- 3  Belsch (3080)
- 4 Frankräich (2442)
- 5 Holland (1552)

Intercerle mat de meeschte Participant:innen

- 1  Saufest (497)
- 2  Kölle Alaaf (454)
- 3  Clear the Bottles (200)
- 4 Cafésrallye (106)
- 5 BASE-Cup (104)

Un am meeschten externen Intercerlen deelgehol

- 1  LSI (148)
- 2  AVL (124)
- 3  LSM (121)
- 4 LSC (106)
- 5 CELB (89)

Meescht Leit um „Student fir 1 Dag“

- 1  Psychologie (66)
- 2  Heidelberg (29)
- 3  Wien & Oochen (27)
- 4 Medezin (26)
- 5 Köln (25)



Meeschte Noriichten am Slack

- 1 Gianni (8424)
- 2 Sophie M. (7843)
- 3 Mattis (6495)
- 4 Lena (3993)
- 5 Laurent (3016)

Universitätsstied mat de meeschte Student:innen

- 1 Lëtzebuerg (4241)
- 2 Bréissel (1194)
- 3 Wien (800)
- 4 Paräis (692)
- 5 Léck (609)

Meescht Student:innen no Fachrichtung

- 1 Ekonomie (3777)
- 2 Ingenieur (1464)
- 3 Educatioun (1414)
- 4 Medezin (1228)
- 5 Droit (1158)

Gréisste Cerclen

- 1 CELB (450 Memberen)
- 2 LSW (370 Memberen)
- 3 LSI (287 Memberen)
- 4 AVL (200 Memberen)
- 5 LSM (180 Memberen)

INTERCERCLEN & BALER 2025

02

FEBRUAR

21-23 Schiweekend (Friblëtz)

03

MÄERZ

07-09 Lëstlé goes Chapi (LSZ)

22-23 De Manneken
piss(t) (CELB)

28 SwissCup (LSZ)

29 Route du Vin (ALUS)

04

ABRËLL

11-12 Tournoi de
l'Ambassadeur (AVL)

18-19 Fräibéier (ANEIL)

19 Quizowend (ACEL)

20 Münchner Bal (LSM)

25 Éisträicher Bal (LSW/LSI)

26-28 KingsDay (LSMaas)

05

MEE

02-04 Bonn in Flammen (Alesontia)

09 Balélec BBQ (AELL)

09-11

Lët'z Go Wü (LSWü)

14-14

Blutspend-Marathon
(bis 14.06) (ALEM)

23-25

BASE-Cup (LSI)

06

JUNI

06-08

Saufest (LSW)

14

Spikeball (SLUF)

19-20

Beachvolleyballtournoi (LSK)

21-22

De Feierwon (LSH)

27

Vëlosheemrees (AELK)

07

JULI

04

De Studentebal (ACEL)

08

AUGUST

30

Summercup (ALUS)

31-06

Regatta.lu (bis 06.09) (GLCR)

09

SEPTEMBER

18-21

REEL'25 zu Stroossbuerg (REEL)

26-28

Oktoberfest (LSM)



En Inter Cercle ass en Zesummekomme vu Student:innen an enger Studiestad oder zu Lëtzebuerg. Dobäi organiséiert den organiséierende Cercle en lessen, e Rallye oder e Sportturnéier wou et och ëmmer genuch ze drénke gëtt, sou dass kee muss duuschreg heemgoen.

Ob ee sech léiwer sportlech betätégt, nei Stied entdeckt oder einfach nëmme wëll Kollege rëmgessinn, bei den Inter Cercle ass alles dobäi. E Skiweekend mam Friblëtz, e Spikeball-Tournoi zu Freiburg oder de Kölle Alaaf den 11.11. sinn nëmmen e puer

vu ville flotten Inter Cercle an deenen d'Student:innen deelhuele kënnen. Dëst Joer hunn 7 Baler a 25 Inter Cercle an am ganze 7 verschidde Länner stattfont. Insgesamt hunn 2421 Student:innen an den Inter Cercle deelholl, wat weist wéi beléift dës Inter Cercle bei de Student:innen si fir nei Leit kennenzuléieren an eng flott Zäit zesummen ze hunn.

Egal wou een a sengem Studium drun ass, op den Inter Cercle kënnt jiddereen zesumme fir sech ze amüséieren, nei Stied ze entdecken a Frëndschaften ze schléissen.

10 OKTOBER

25 Ochener Bal (AVL)

11 NOVEMBER

07-09 Caférallye (AVL)

10-12 Kölle Alaaf (LSC)

13 Tarte Flambée (ALUS)

14-16 Clear the Bottles (LSZ)

12 DEZEMBER

21-22 Pubquiz & Beerpong (Friblëtz)

19 Kölner Bal (LSC)

22 Freiburger Bal (SLUF)

22|23 Tournoi de Noël (ACEL)

25 Zürcher Bal (LSZ)

28 Bréisseler Bal (CELB)

Vëlosheemrees zu Karlsruhe (AELK)

Donneschdes Owes ass jiddereen dee matfuere wollt aus den externe Cercle, zu Karlsruhe ukomm. Du sinn déi déi wollten zesummen eng Pizza oder Nuddelen iesse gaang. Du goug et fir jidderee relativ fréi an d'Bett fir den anere Moie fit ze sinn. Well mir géint 03:30 Auer opgestane sinn. Mir hunn eis du fäerdeg gemaach fir ze fueren an hunn all eis Saachen a Camionnette geluecht. Duerno hu mir eis bei engem aus der AELK getraff an Nuddele giess éier et lassgaang ass. Wéi mir dunn all beieeen a prett ware, si mir géint 05:00 gestart. Vu Karlsruhe si mir dunn étappeweis bis op Saarbrécke gefuer.

Zwëschenduerch hu mir sou all 50km Paus gemaach fir d'Waasserbidonen opzefëllen, eppes Klenges ze iessen an eis ze erblösen. Et ass och ëmmer op mannst eng Camionnette bei de Coureuren bliwwen. Mir sinn um 12h zu Saarbrécken ukomm an do krute mir du vum Cercle vu Saarbrécken (LSS) Mëttegiessen an hunn eng länger Paus gemaach. Vu Saarbrécken si mir ee klengt Stéck mam Auto gefuer, wëll de Wee mam

Vëlo relativ schlecht ass an do keng Camionnette matfuere kann.

Zu Rehlinge si mir du mam Vëlo virugefuer a sinn och op déi Cycliste getraff déi eis entgéint komm sinn. Dëst waren Ancienen vu Karlsruhe awer och vun aneren Unistied. Vun do aus si mir op Réimech gefuer a vun do aus an d'Stad. Mir sinn dunn och e gutt Stéck duerch d'Stad Lëtzebuerg gefuer éier mir bei Fondation Cancer ukomm sinn. Op der Arrivée hunn du Leit vun der Fondation Cancer an aus der AELK op eis gewaart. Mir krute bei der Fondation Cancer dunn eppes z'iessen an ze drénken an hunn eis et gutt goe gelooss.

Vu Karlsruhe si 7 Leit gestart an zu Rehlingen hu sech nach 5 Leit ugeschloss. Et sinn awer och puer Leit soss irgendswou gefuer déi och Kilometer gesammelt hunn. Wëll déi ganz Saach fir e gudden Zweck ass a Sue fir Fondation Cancer gesammelt gi sinn, konnt een d'Coureure parrainéieren. Entweder e fixe Betrag pro Coureur oder e Betrag pro 10 km.



Tarte flambée zu Stroossbuerg (ALUS)

Den 13. November 2025 huet erëm eisen traditionellen Tarte Flambée Intercercle am Restaurant "Flam's" stattfonnt.

Am September hu mir als Comité ugefaang den Intercercle ze plangen, an am Oktober konnte sech d'Leit da bei eis iwwer e Google-Forms-Link umellen, dee mir op eisem Facebook- an Instagram-Account publiziert hunn.

Den Undrang war immens grouss. Insgesamt konnte sech 100 Leit maximum umellen. Leider waren net genuch Plaze verfügbar, an eng ganz Partie Leit hu missten op d'Waardelëscht gesat ginn, wat erëm den Undrang vum traditionellen Intercercle beweist.

Net nëmmen d'ALUS Membere si komm, mee och 22 Kollegeen aus 9 verschiddene Cerclen (ouni d'ALUS), wat weist, wéi gärten eis Frënn aus deenen anere Cerclen op Stroossbuerg kommen. Mir waren natierlech frou, si souwuel wéi och eis Membere kënnen ze empfänken. Fir eis Kollegeen aus

deenen anere Cerclen hu mir Schlofplaze bereetgestellt.

Donneschdes owes, den 13. November 2025 um 20 Auer, hu mir eis da virum "Flam's" getraff. Nodeems jiddereen erof an de Keller gaang war, goufen et verschidden Zorten Tartes flambées à volonté z'iesse, souwéi och Softdrinks à Béier à volonté. D'Leit waren an zwee Raim opgedeelt. Souwuel d'Comitésmembere wéi d'Participanten um Intercercle waren dëst Joer mam Flam's nach méi zefridde wéi soss, duerch hir Rapiditéit beim Zerwéieren an der grousser Quantitéit un Tartes flambées à Béier, déi eis zerwéiert goufen.

Bei gudder Stëmmung sinn dunno déi meescht Leit géint 23 Auer weider an de Jimmy's gaang, e Club hei zu Stroossbuerg, just 5 Minuten zu Fouss vum Flam's ewech, wou bis 4 Auer moies (soulaang wéi den Jimmy's op war) gutt gedantz gouf.

Et war en immens flotten Owend, a mir soen alle Participantë Villmools Merci!



KingsDay zu Maastricht (LSMaas)

Den éischten Intercercler vun 3 Deeg zu Maastricht ass vum 25. bis 27. Abrëll gaang an Holland ass zu engem orangé Mier ginn.

Ugefaang mat engem gemittlechen Owe-siessen beim LSMaas sengem Lieblings-asiat ass et duerno iwwer puer Terrassen an de Club gaang. D'DJe ware besonnesch interessant, nom oben-ohne Mister ass de Jesus rëm operstan an huet richteg Stëmmung lancéiert.

Den Dag drop hu mir moiesse gemittlech ge-brunched éier et lassgaang ass. Normalerweis ass Kingsday, also Nationalfeierdag fir d'Frikandellen- a Frittebouwen, de 27. Abrëll, mee well et eng Natioun ass déi geäre feiert, hu mir eis en Dag éischter mëttes all versammelt an hunn d'Leit net mat engem Kiss begréist mee mat eisem Cannabliss, dem LSMaas säi Signature Drink.

Da si mir och schonn duerch d'Stad gereest an sinn an d'Mier schwamme gaangen. Net

grad d'Mier an och net grad Schwammen, mee éischter an de Weier mam Schlauchboot. (Bescht zesummen investéiert Suen, merci Alesontia, LSC an LESTLE) Ënnergaang si mir zwar net wuertwärtlech, mee metaphoresch am Floss vum Cannabliss a Béier. Och den Dresscode gouf agehal, den Tim huet suggeréiert volle Kierperasaz gewisen andeems e sech vun der Sonn roud fierwe gelooss huet.

Den Dag drop hu mir de Weekend mat engem gemittlechen Brunch doheim ofgeschloss. Selwer gemaachte Pannekoeken, frësch Croissants an a gudde Matcha ware genee richteg fir an den neien Dag ze starten. An Einzeldeeler huet sech d'Schlauchboot an d'Grupp dunn opgeléist an den Intercercler koum op en Enn.

Am grouse Ganze war et e Weekend wéi aus dem Billerbuch – just mat méi Chaos, manner Schlof an engem Floss vu Cannabliss.



BASE-Cup zu Innsbruck (LSI)

De Basecup 2025 ass no 2022 elo fir 2. Kéier zu Innsbruck ausgedroe ginn. Zesumme mat de Wiener a Münchener Studenten hu mir e flotte Sportweekend mat genuch Spaass tëschenduerch op d'Been gesat. Ugefaang huet dat ganzt freides mat engem gemeinsamen lessen am Glorious Bastards. Hei sinn 62 Leit mat iesse gaangen an nom lessen si mir nach zesummen een an de 6020 drénke gaang, fir den Owend gemittlech ausklénge ze loossen. Samschdes war dann de grouss Sportsdag um Programm.

Hei sinn 126 Participanten an dräi verschidene Sportaarte géinteneen ugetrueden an hu sech prächtig amüséiert. No engem klengen Feeler vun eiser Säit hu mir kuerzfristeg d'Wiss misse wiessele mä dat huet am Endeffekt awer alles perfekt geklappt. Déi verschidden Ekippen hunn a Sportaarte

wei Völkerball, Petanque a Spike Ball géintenee gespillt. Moies goufe Gruppephasen ausgedro a mëttes war et dunn un de Finales. De ganzen Dag goufen eis Sportler natierlech och mat Béier, Sangria a Waasser begleet. Mëttes sinn dunn och nach eng Kéier zwou Schauere rofkomm, mee dat huet keen dovun ofgehal weiderzespillen.

Nom sportlechen Deel sinn d'Participanten heem dusche gaang a mir hunn eis an der Mausefalle getraff fir nach emol unzestousen an hunn den Owend gemittlech ausklénge gelooss. Sonndes war dann de kulturellen Deel vum Intercercle um Programm. Do si mir da moies um 10 Auer eis Leefer beim „Innsbruck läuft Stadtlauf“ ufeiere gaang. Schlussendlech ass et fir eis Wiener a Münchener Kollegeen no an no rëm an hir Heemechtsstad gaangen.



STUDENT FIR 1 DAG 2025

An der Ouschtervakanz huet de Student fir 1 Dag, organiséiert vun der ACEL a sengen Studentecerclen, erëm mat grousssem Succès stattfonnt. D'Zil vun deem Projet ass et, zukünfte Student:innen d'Méiglechkeet ze bidden, sech éischt Andréck vum Studenteliewen an de verschiddene Studiestied ze verschafen.

An Zesummenaarbecht mat Voyages Emile Weber a Luxair konnte mir och dëst Joer erëm eng grouss Unzuel u Busreese, Fliegerreesen a Reesen op Eegeninitiativ ubidden. D'Fliegerplazen op Wien ware séier ausgebucht, en Zeeche vum groussen Interessi, an och op Berlin konnten déi eng oder déi aner Schüler:innen mam Flieger fléien, fir och méi wäit geleeë Stied ze entdecken.

Am Ganze konnte 24 verschidden Destinatiounen ugebuede ginn:

- 18 Stied mam Bus,
- 2 Stied mam Flieger
- 4 Stied op Eegeninitiativ.

Insgesamt hunn eng Ronn 430 Participanten an engem Zäitraum vun 11 Deeg un deene 24 Reesen deelgeholl an dobäi 8 verschidde Länner bereest.

Den Dag huet fir déi meescht Gruppe matenger kuerzer Presentatioun vum jeeweilege Studentencercele ugefaang, deen och den En-

cadrement sur Place iwwerholl huet. Weider um Programm stoung Visite vum den Universitëten an Héichschoulen, guidéiert Touren duerch d'Stied, an oft en ofschléissende Patt am jeeweilege Stammcafé vum Cercle.

Nei dëst Joer war, dass de fachspezifesch Student fir 1 Dag, bei deem d'Schüler:innen um Belval en Abléck an déi verschidde Fächer, wou si studéiere kënnen, kréien, op zwee verschiddenen Deeg, eng Kéier am Mäerz an eng Kéier am Abrëll, stattfonnt huet. Och do hunn eis fachspezifesch Cercle rëm e flotte Programm opgestallt, fir de Schüler:innen déi verschidde Studiefächer – mat Succès – mei no ze bréngen.

Während dem ganzen Dag hunn d'Membere vun de Cercle, d'Membere vun de fachspezifesch Cercle an d'Ekip vum der ACEL probéiert, de Schüler:innen e realistesch Abléck an d'Studenteliewen ze ginn an hinne bei Froen zur Säit ze stoen.

Mir soen eise Studentecerclen e grouse Merci fir hiren Engagement an déi exzellente Organisatioun, eise Partner fir déi wäertvoll finanziell Ënnerstëtzung, an natierlech all de Participanté fir hiren Äifer an d'Freed um Entdecken. Ouni lech hätt d'Editioun vum Student fir 1 Dag 2025 sou net stattfanne kënnen!

STUDENTEGUIDE.LU

Welcome to the 21st century!

No villen Diskussiounen driwwer, wéi een dann déi Guidë kéint digitaliséieren an enger gefailten Approche vun enger schlauer PDF, hu mir eis geduecht: Back to the roots! Eng Websäit!

Et kéint ee mengen eisen Informatiker hätt sech gelangweilt an hätt e Fetisch fir Internetsäiten. D'ACEL huet nämlech mëttlerweil schonn dräi Websäiten...

Mee nee, hie war net de Missetäter vun der revolutionärer Iddi. Et waren d'Spice Girls, eis Info-Delegatioun! Natierlech huet hien eis dobäi gehollef, well hannert all grousser Iddi, ass een Informatiker dee sech d'Hoer vum Kapp rappt.

Deen een oder aneren hat et matkritt, déi nei Websäit huet vill Säiten a mir hunn eventuell regelméisseg d'Websäit acel.lu domadder iwwerfuerdert. De Fränk huet sou oft missten d'Säit refreshen, well se down war, dass hien eis e Video opgehall huet wéi een dat maache kann. Déi Gewunnecht huet sech ganz séier etabliert an d'ACEL huet sech zum Tutorial Expert entwéckelt. Mee dir hutt Recht ech schwäifen of...

Zeréck zum Studenteguide! Loosst mech iech eng Geschicht iwwert d'Ufäng vun der Plattform erzielen. Wou et nach net ganz kloer war wéi dës faméis Websäit soll heeschen, hu mir Nimm gesammelt. An ech kann iech soen, dass mir eng eemoleg Chance verpasst hunn de Guido anzeféieren. De Guido ass den ale wäisse Monni vum ACEL a kënnt vu Walfer. Hien huet e Cowboy-Hutt un an ass de Studente-Guide. DE STUDENTE-GUIDE?! Hie guidéiert déi futur Student:innen. Ni huet mech eng Versammlungsentscheidung sou emotional matgeholl... Oder dach, mir haten och eng T-Shirts-Diskussioun, mee dat ass fir en aneren Dag.

Mir wënschen iech vill Spaass op der Websäit a freeën eis op eng kooperativ Zesummenaarbecht!



DE STUDENTEBAL 2025

De Studentebal 2025 war, wéi alljoers, en décke fetten Erfolleg!

Direkt no der Assemblée Générale déi traditionell de 26. Dezember stattfonnt huet, hunn d'Virbereedunge vum Studentebal ugefaang. Schwéier war et ufanks de richtegen Datum fir d'Event festzeleeën. Nodeems dei Tâche gemeeschtert gouf ass et du weidergaang mat dem intensive Plan-gen. Mat all Mount dee mir méi no un den 4. Juli geréckelt sinn, ass d'Planung méi intens-iv an unstrengend ginn. No etlechen Ent-revuen, Calls a Slack Noriichte war et dann endlech souwäit, d'Balwoch war do: Ladies and Gentlemen, it's Matchday!

Déi ganz Woch vum Studentebal war de Co-mité um Site an huet déi éischt Saache vir-bereet an dat éischt Material an Empfang ge-holl. Den 3. an de 4. Juli konnte mir och dëst Joer erëm duerch déi grouss Ënnerstëtzung vun de Cerclen de Site bannent zwee Deeg opbauen an an engem Dag erëm ofbauen.

Freides de 4. Juli war et dunn esou wäit, déi 24. Editioun ass pénktlech um 20:00 gestart. Nieft Béier a Cola-Wäin hunn 30 Studentecerclë verdeelt op 13 Comptoiren iech mat 29 verschiddene Cocktails, Drinks a Shots verwinnt. Fir den Hunger virum oder nom feiere war natierlech och dëst Joer nees duerch e Cercle gesuergt. Fir déi gutt Stëmmung hunn ab 20 Auer den DJ Spyn, den DJ Blueteck an ab 24 Auer den DJ Pinkspace gesuergt. Natierlech hat de Studentebal och e puer Neiegkeeten, wéi zum Beispill eis Ravecave oder eng Awareness Ekipp déi iech bei Problemer zur Hëllef komm ass!

Mir soen all de Cerclen, der aACEL, eise Partner an all den anere Leit déi ons gehollef hu bei dësem onvergiessleche Studentebal, ee grouse Merci. Mat vill Freed bereede mir och schonn déi 25. Editioun vum Studentebal vir, wou mir iech hoffentlech all erëm gesinn. Bléift dru fir vun den Neiegkeete matzекреien!



QUIZOWEND 2025

Och dëst Joer huet d'ACEL hiren traditionelle Quizowend am Forum um Geesseknäppchen organiséiert op deem d'Participanten hirt Wëssen a flotter Gesellschaft an engem klengen Patt op d'Prouf stelle konnten! Dësen huet den 19. Abrëll stattfont an den Erleis vum Tournoi de Noël ass dëst Joer un d'Stëmm vun der Strooss an un d'Fondation Cancer gaangen. (2 x 4750€)

Och wann dat prinzipiell net dat gréissten Event vun der ACEL ass kënnen mir awer soen, dass mir fir déi nächst Editioun definitiv méi Battin IPA kafen sollen an müssen, deen ass nämlech fortgaang wéi waarm Käschten!

Mir soe jidderengem Merci deen dëst Joer deelgeholl huet a mir freeën eis op dat nächst Joer!



STUDENTEFOIRE 2025

Mat e puer super Verännerungen si mir dëst Joer an d'Foire gëstart: keng Jutebeutel a Guidë méi (Gott vun der Digitaliséierung sei Dank), e super Plang vun der Hal vum MESR... ehmm nee vum Yola! An e gelongene Pizza-Owend freides.

De Felix 2024 huet wéi follgend ugefaang: "Dëst Joer war d'Foire déi véierte Kéier um Belval... naja ech menge jiddereen huet dozou sou seng Meenung."

Als éischt Mol e grouse Merci, dass dir säit 2021 sou motivéiert dobäi waart, trotz der emständlecher Situatioun! A mir si richteg frou annonciéieren ze kënnen, dass d'Foire endlech rëm zeréck an d'Stad plënnert an eist Leed en Enn hëllt.

Fir iech schonn e klenge Virgeschmack op dës ze ginn, wëll ech iech mat op eng Rees huelen:

Stellt iech vir dir fuert moies mam Material an d'Stad op e Parking deen direkt nieft der

Foire ass. Dir kommt un a sidd mega frou déi orange Poloe vun der ACEL ze gesinn, déi iech da soen, dass de Kaffi zwar nach net prett ass, mee d'Mëtsche wiere schonn do (et ka jo net ze perfekt lafen!). Da gidd dir bei äre Stand, deen direkt nieft ärer Uni ass a vis-à-vis sinn är Nopeschcerlë mat deenen dir nach déi Woch virdrun zesummen op e Fräibéier waart.

Pénktlech um 9:00 treffen d'Schüler:innen an. Si hu guer kee Plang wat studéieren. Mee dir sidd do a wann dir keng Anung hutt, guer kee Stress, d'Uni ass direkt niewendrun. An dat Allerbescht: wa si op der falscher Plaz stinn, kënn dir hinnen e Plang vum Raum ginn an ënnerhalb vun 10 Schrëtt si si ganz easy do, wou si hi wollten. Wat e Genoss! Freides owes gëtt et dann traditionell rëm ee Béierchen an eng Pizza fir déi super erfollegräich Deeg ze feiern.

Merci fir äert Vertrauen an op een neit Konzept vun der Foire!



TOURNOI DE NOËL 2024

Iwwert den 21. an 23. Dezember 2024 hu mir eisen traditionellen Tournoi de Noël um Geesseknäppchen zesumme mat der LASEL ofgehal. Méi wéi 20 Studentecerclen hu sech an de Sportshale vum Geesseknäppche getraff a si géinteneen ugetrueden.

Nodeems mëttwochs moies d'Qualifikatiounen am Basketball an am Volleyball fäerdeg ware, goung et mëttes ëm d'Coupen. An der Finall vum Volleyball konnte sech déi Kölner Student:inne géint d'Gewënner:inne vum leschte Joer duerchsetzen an hu sech déi 1. Plaz ergattert. Fir d'Innsbrucker ass et leider knapp net duergaang a si hunn déi zweet Plaz um Podium missten anhuelen.

Beim Basket huet den neie Cercle LSL (d'Lëtzebuurger Studenten zu Lëtzebuerg) bewise wat si drop hunn a sech déi 1. Plaz geholl. Op zweeter Plaz d'Kölner an op 3. Plaz déi Zürcher Student:innen, déi trotz ustoendem Bal an der Luxexpo, Gas ginn haten.

Méindes ass et du weidergaang mam Fussball. D'Student:inne vu Montpellier hunn näischt ubrenne gelooss a sech déi 1. Plaz geholl. Nieft hinnen um Podium stoungen d'Stroossbuerger (2. Plaz) an déi Münchner (3. Plaz). De Gesamtpokal goung säit laangem rëm un d'Kölner, déi wuel op hirer Sporthéichschoul gutt geübt haten!

Dofir nach emol e grouse MERCI u jidderen deen dozou bäigedroen huet! Mir kucken awer och ganz gespaant no vir a freeën ons jiddereen erëmzegesinn, awer och all déi nei Gesichter wëllkomm ze heeschen! Esou fënnt den Tournoi de Noël dëst Joer den 22. an 23. Dezember statt.

Mir hoffen, dass dëst Joer manner Béier um Plafong peche bléift an d'Leit och bëssen méi dréche bleiwen!



REEL 2025 ZU STROOSSBUERG

Déi 41. Editioun vun der REEL huet dëst Joer angeneem spët gestart, soudass mir eis eréischt géint 5:00 zu Ettelbréck a 6:00 um Bouillon op de Wee gemaach hunn. Déi meescht ware mol eng Kéier bal ausgeschlof an déi déi nach midd ware, goufen duerch déi éischt Buff vum AVL direkt op Betriibstemperatur bruecht. De REEL s President hat sech och nach eng nobel Missioun ginn: sécherzestellen, dass jidderee gutt hydréiert mat Bofferding zu Stroossbuerg ukënnt. Déi éischt Pipipaus huet dann direkt fir eng witzeg Situatioun gesuergt: Ee Comitésmember vun der ACEL hat d'Bus-Toilette der Tankstell virgezunn a war duerno am Bus agespaart. Wéi een dat vun der ACEL kennt, gouf d'Situatioun natierlech séier a professionell gerett, sou krut eise kuerzfristige „Gefaangenen“ seng wuelverdénge Paus awer nach. D'Rees ass duerno mat erlicherte Blosen, vill Enthusiasmus an erstaunlech ville Leit déi Tim heesche weidergaang.

Zu Stroossbuerg ukomm, goufe mir vun engem héichmotivéierte REEL s Comité mat engem klengen Maufel a Kaffi empfaang, op deem d'REELaner:inne scho säit Ettelbréck higeféiert haten. Duerno ass et du mat dem Highlight vun all REEL weidergaang:

Den ACEL Workshops. D'Thème ware, wéi een et sech 2025 vun der ACEL erwaart eppes mat Pandemie, eppes mat KI an natierlech och eppes iwwer wéi gutt d'ACEL an d'Cerclen zesummeschaffen. No engem éischte Mëttegiessen huet d'Partnerfoire gestart. De REEL s Comité hat an hirem Stress „Ingenieuren“ an „Ekonomie“ bei verschiddene REELaner:inne falsch op d'Land gedaréckt. Well de REEL s Comité do wéinst gesot huet jidderee soll dohi goe wou e wëll, huet moies dat grousst Spekuléieren ugefaang, wéi ee vun deenen 2 Virträg dann elo méi laang ass. Déi an den Ekonomie-Virträg haten op alle Fall d'Chance méi laang de wonnerbare Sponsoren nozelauschteren. Ob dat elo e Gewinn oder Verloscht war, loosse mir d'Lieser:innen entscheiden.

Duerno war dann d'Partnerfoire wou déi eng no enger Aarbecht oder Stage, anerer no flotte Gadgets an nach anerer nom nächsten Glas Alokohol gesicht hunn. Well de Club fir e bëssen ze spët gebucht war, hat de Comité déi wonnerbar Iddi eng spontan Karaokesession ze starten déi supergutt bei de REELaner:innen ukomm ass. Leider gouf „Les lacs du connemara“ awer vill ze fréi gespillt an et war net wéi et amfong sollt sinn dat lescht Lidd.



© REEL/Lisa Schweig

Duerno ass et an de Club iwwert d'Grenz an Däitschland gaang. Wéi mir bei, déi leider onvermeidbar, Grenzkontroll ukoumen, huet bei e puer Leit déi kleng Existenzkris ugefaang: d'Carte d'Identité hat nämlech net jiddereen dobäi. Zum Gléck hunn d'Polizist:innen, wéi si de volle REEL-Bus gesinn hunn, séier erkannt, dass si net genuch bezuelt gi fir jiddereen an deem Bus ze kontrolléieren. Sou sinn all d'REELaner:innen sécher iwwert d'Grenz komm a konnten den éischten Dag gebürend ofschléissen.

Den Dag duerno hunn d'REELaner:inne méi oder manner midd hir Visite gemaach. Hei huet ee rëm direkt gesinn, dass et zwou Aarte vu REELaner:inne ginn, well déi eng sinn bei e Wënzer oder an eng Distillerie gaang, déi aner sinn an d'Europaparlament gaang fir mat dräi vun eisen Europadeputéierten ze schwätzen. Béid Gruppe si gutt op hir Aart a Weis op hir Käschte komm. D'Mëttegiessen war dann de klassesche Stroossbuerger Rendez-vous: am Brasseur Tarte flambée all you can eat.

Duerno stoung den traditionelle Rallye um Programm, wou een net nëmmen d'Sad, mee och déi aner Leit an heiansdo säin eegene Kierper méi genoe kenneléiere konnt. Déi extra Bonuspunkten hunn och dës Joer fir eng Rei... kreativ Situatiounen gesuergt.

Wat op der REEL geschitt, bleift normalerweis och do, mee dat hei kann een awer soen: ee Member vum ACEL-Comité war Topfavorit fir Mrs. REEL, well en de ganzen Dag mat engem Rack ronderëm gelaf ass. Gewonnen huet seng Ekippe de Rallye schlussendlech awer net. Owes war dann d'Soirée publique, wou déi Leit, déi vum Rallye duuschtreg rëmkomm sinn hiren Duuscht läsche konnten.

Samschdes war dann eis Journée Politique, wou jiddereen seng bescht Sonneskleeder ugedoen huet oder fir de REELs President seng normal Kleeder. Moies haten d'REELaner:innen d'Éier d'Monologe vum Premierminister an der Héichschoulministesch ze héieren, éier zwou Memberen aus dem ACEL-Comité den hot topic vum Joer presentéiert hunn: eise Pensiounssystem. Am Usschloss doru koumen och eis Statistiknerds op hir Käschte, well den Direkter vum STATEC eng Presentatioun iwwer d'Liewenskäschten zu Lëtzebuerg gehal huet. D'Journée Politique hat eng Neierung: Workshops wou sech eis REELaner:innen zum REEL s Thema abréngen konnten. Do hu mir gesinn, dass op enger REEL de Sozialdialog nach funktionéiert, well eis Ministeren sech wirkleech Zäit geholl hunn an de REELaner:innen nogelauschert hunn.

Nom Mëttegiessen, wou zum Staunen vun eise Gäscht op sou munchen Dëscher dat een oder anert Glas geext gouf, goufen d'Resultater vun de Workshops zu der Pensiounsreform virgestallt an du war et un eiser éischter Table ronde. Déi hat eng kleng Sensatioun ze bidden: De Moderator schéngt am Laf vun der Diskussioun méi jonk ginn ze sinn. Wie weess, dee weess. No enger zweeter Table ronde, engem Owesiesse wou d'Heemecht an natierlech och eng Dësch an d'Luucht mat vill Begeescherung ugestëmmt gouf, ganz zum Entertainment vun eise Politiker:innen, ass et dunn op d'Soirée chic gaangen. Well een den nächsten Dag schéi laang ausschlofe konnt, gouf och entspriechend laang a vill gedronk. D'Resultat: De REEL s President huet misse perséinlech verschidde Leit op hir Kummer guidéieren, wat eng Eier fir déi concernéiert Leit.

Sonndes huet den Dag méi spéit ugefaang, den éischte Programmpunkt war e Brunch um halwer 12 fir eis ganz motivéiert Leit, déi nach eng Brauerei kucke wollten. Déi aner Leit haten eng Stonn méi spéit hire Brunch a konnten duerno vill ze vill Zäit am Musée des pains d'épices verbréngen oder vill Zäit am Bus verbréngen an dann e 15 Minutte Sprint duerch e Schloss maachen. Wéi déi eng manner duuschtereg, déi aner

manner hongereg an déi drëtt méi sportlech zeréckkoume, stoung den trauregste Moment un: d'Äddi-Soen. D'Gewënner vum Rallye goufen annoncéiert an natierlech war sech rëm jiddereen ausser de Gewënner selwer eens, dass dat net ka sinn an eng aner Ekipp hätt misse gewonnen. Traditionell gouf och nach de President trotz senger super Aarbecht als Bus-Steward a perséinlech Bodyguard vu volle REELaner:innen zum Mr. Onbeléift gewielt an en Oochener zum Mr. REEL. Wéi d'Statistik et wollt war dat natierlech och ee vun deene 5, déi Tim heeschen, woubéi hien et sech mat senger schéiner Plooschter och wierklech verdéngt hat. Mrs. REEL ass eng Persoun ginn, deem säin Numm een och konstant ob der REEL héiren huet, Gléckwonsch och hei nach eng Kéier un d'Magali. No der Verdeelung vun desen immens wichtige a prestigieusen Titele gouf sech dann Äddi a Merci gesot a mir hunn eis op d'Heemrees gemaach.

Op dëser Plaz ass dann och de Moment komm wou mir als ACEL dem REEL s Comité Villmools Merci soen, dass si sech der Aufgab gestallt hunn an eis an de REELaner:inne wonnerschéi véier Deeg a gudder Ambiance erméiglecht hunn. Mir freeën eis schonn op déi nächst REEL.



REPRÉ-RÉCKBLÉCK 2025

Wou soll ech ufänken..

Mäin éischt Joer an der Repré war spannend, léierräich a virun allem och amusant. Den Highlight war definitiv eisen Team Building am Escape Room, de Pit an ech hu verzweifelt probéiert déi Dier tëscht eis an dem Laurent opzekréien. Spéider krute mir du mat engem gudden Teamwork och dat ganz Rätsel geléist.

D' Joer huet direkt mat interessanten Artikelen vum RTL gestart, dee bei verschiddenen zur Schlussfollgerung gesuergt huet, dass mir eis parteipolitesch Neutralitéit opginn hätten. Dat wier mir nawell nei gewiescht a wien hätt sech zu dem Zäitpunkt am Joer kënnen denken, das dat déi kléngste Schlagzeil vun eis an der Press wär.


Dobäi war eigentlech während dem ganze Joer de Pensiounsossier eist Problemkand, wat eis vill Iwwerleeungen a Stonne kascht huet.


Fir dann iwwer all dës an aner Thematike kënnen ze schwätzen hu mir eis dann e puer mol an enger Repré CV getraff, och wann et do heinansdo onméiglech war en Datum ze fannen obwuel mir just zu 3 waren. Nujee, schlussendlech géif ech soen hu mir eng gutt Leeschtung dëst Joer bruecht, konnte viles vir eis Matstudent:innen errechen an ech sin houfreg drop Deel vun dëser Ekipp gewiescht ze sinn!

Ech freeë mech schonn op dat nächst Joer, op weider Aventuren an Erfarungen! Merci!



MEMES 2025







NOTIZEN











ACEL
de Studentevertrieider